LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n° 734 vum 15. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.**

**Ad 1)**

Lëtzebuerg gouf net agelueden sech un dësem Bréif ze associéieren.

**Ad 2)**

Esou wéi d'Signatairë vun dësem Bréif an der Europäescher Unioun (EU), ass Lëtzebuerg extrem besuergt iwwert d'Verschlechterung vun der Situatioun a Georgien. D'Aschüchterungsversich, Drohungen a Gewalt géint Demonstranten, Journalisten a Vertrieder vun der Zivilgesellschaft sinn an enger demokratescher Gesellschaft inakzeptabel. Lëtzebuerg ass der Opfaassung, dass d'Akraafttriede vum Gesetz iwwert "Transparenz vun auslännesche Aflossnamen" d'Onofhängekeet vu fräie Medien an d'Aarbecht vun der Zivilgesellschaft a Gefor kéint bréngen. Lëtzebuerg bereit dass d'georgesch Autoritéiten den Avis vun der Kommissioun vu Venedeg vum 21. Mee 2024 net berécksichtegt hunn, dee kloer ervirgestrach huet dass dëst Gesetz net den internationale Mënscherechtsstandarden entsprécht, an deemno net kompatibel mat EU Normen a Wäerter ass.

Lëtzebuerg huet Georgien dobäi ënnerstëtzt den EU-Kandidatestatus ze kréien a bedauert dofir zudéifst dass d'georgescht Parlament an d'Regierung op e Wee schéngen ze goen, deen d'Beméiunge vum Land a vu ville Georgier fir hier europäesch an euro-atlantësch Integratioun a Gefor bréngen. De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel hat schonn d'Geleeënheet d'Lëtzebuerger Bedenke mëndlech mat sengem georgeschen Homolog ze deelen.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt weiderhin déi europäesch Zukunft vun de Georgier a rifft déi georgesch Autoritéiten dozou op hiert Bekenntnis a konstitutionell Obligatioun fir d'EU-Integratioun ze erneieren, d'Opportunitéit vum uewen ernimmte Gesetz ze reconsideréieren an déi néideg Reformen op hirem Wee an d'EU virunzedreiwen.

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten

an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel